Firmung

2010

Aktivitéit	activité	Datum date	Auerzäit heures
Altersheim interaktiv	maison de retraite interactive	08.Mai	15.00-17.00
Uergelféierung	visite guidée des orgues	21.Mai	19.00-20.15
Altorbild Päischten	atelier pour la pentecôte	22.Mai	10.00-11.30
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	01.Jun	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	01.Jun	18.15
Scoutsaktivitéit	activité avec les guides et scouts	05.Jun	14.00-16.00
Week-end	week-end	5.-6.Jun	17.00-16.00
Dag um Belair	journée au Belair	12.Jun	9.00-17.00
Bibelspill	jeu biblique	06.Jul	15.00-16.30
Workshop Musik / Gesang	atelier de musique	13.Nov	10.00-11.30
Workshop Musik / Gesang	atelier de musique	20.Nov	10.00-11.30
Altorbild Firmung	atelier pour la confirmation	20.Nov	10.00-11.30
Firmungsunterricht	cours de confirmation	Sep.10	
Firmungsunterricht	cours de confirmation	Okt.10	
Firmungsunterricht	cours de confirmation	Nov.10	
FIRMUNG den 27. November 2010 / Confirmation le 27 novembre 2010			
Glawen erfueren / apprendre la foi			
Glawen erliewen / vivre la foi			
Glawen feiern / fêter la foi			

Léiwe Firmkandidat,

Mär freeën eis, dass du dech decidéiert hues, dech firmen ze loossen. Mat dëser Decisioun weis du, dass Gott eng Plaz an dengem Liewe soll hunn. Zesumme mat anere Jonke méchs du dech op de Wee, fir däi Glawen ze verdéiwen an deng Relatioun zu Gott duerch d'Kraaft vum hellege Geescht ze stäerken.

Bestëmmt hues du dech scho gefrot, wat Chrëschtsinn a Glawen iwerhaapt bedeit. Jesus Christus huet eis virgelieft an a ville Geschichte verzielt, wat dat konkret heesche kann: deelen, fir anerer do sinn, Wäerter wéi Toleranz, Respekt a Solidaritéit berücksichtegen, verzeien, a Gott eise Papp gesinn a villes méi. Dodernieft si mer als Chrëschten och en Deel vun enger Gemeinschaft, an där mer zesummen eise Glawe feieren an ausdrécke kënnen, wou mer awer och ee fir deen aneren do sinn.

An der Firmvirbereedung wëlle mer äech eng ganz Rei Facette weisen, déi zu engem chrëschtleche Liewe kënne gehéieren. Dës Villfältegkeet ze weisen ass eis wichteg, well mer wësse jo schliisslech, dass kee vun äech d'selwecht ass wéi deen aneren. Jiddereen huet seng eege Virstellungen, Erwaardungen, Wënsch, Erfahrungen a Fähegkeeten. An natiirlech wësse mer och, dass jidderee vun äech nach vill Aneres um Programm huet, sief ët Musek, Sport, Zesummesi mat Frënn a virun allem och d'Schoul.

Aus dëse Grënn hu mer eng Virbereedung organiséiert, bei där s du zu engem groussen Deel selwer decidéiere kanns, wat dech usprécht a wou s du matmaache wëlls. Aus ville proposéierten Atelieren, Projeten, Feiere kanns du deng eege Firmvirbereedung zesummestellen. Wéi dat fonktionnéiert, erkläre mer der op deenen nächste Säiten. Bei Froe kanns du dech ëmmer um Telefon **51 21 03** oder **661 512 103** mellen.

Eng flott an interessant Firmvirbereedung wënschen der

Christiane Cloos Josy Franzen Martine Picard
Simone Schalz André Wolter
Robert Sibenaler

Timing vun der Virbereedung /Timing de la préparation

Aktivitéit	activité	Datum date	Auerzäit heures
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	13.Okt	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	13.Okt	18.15
Visite IMC Kräizbierg	visite à l'IMC Kräizbierg	22.Okt	15.00-16.30
Visite protest.Kiirch	visite de l'église protestante	10.Nov	15.00-17.00
Altersheim interaktiv	maison de retraite interactiv	14.Nov	15.00-17.00
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	17.Nov	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	17.Nov	18.15
Filmowend: Liewen an Doud	film sur le thème la vie et la mort	20.Nov	19.00-20.30
Kiercheféierung	visite de l'église	28.Nov	10.00-11.30
Jugendmass mam J-M Roth	messe avec Johanes M.Roth	05.Dez	19.00
Trüffelen maachen	atelier de pralines	08.Dez	14.30-16.00
Wäffelcher baaken	atelier de gauffres	10.Dez	14.30-16.00
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	15.Dez	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	15.Dez	18.15
Altorbild Chrëschdag	atelier pour Noël	19.Dez	10.00-11.30
Marche à l'étoile	marche à l'étoile	21.Dez	18.30 - 22.15
Visite jüdesch Synagoge	visite de la synagoge à Esch	14.Jan	15.00-17.00
Spéitschicht	prière du soir	16.Jan	19.45-21.00
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	19.Jan	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	19.Jan	18.15
Filmowend: Reliounen	film sur les différentes confessions	05.Feb	19.00-20.30
Faaschteniessse gestalten	préparer le repas du carême	17.Feb	17.15-21.30
Buchbespriechung: Oskar...	discussion sur un livre: Oskar...	19.Feb	19.00-20.30
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	23.Feb	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	23.Feb	18.15
Visite Centre d'Intervention	visite du centre d'intervention	04.Mrz	15.00-16.00
Bastelen Haiti	atelier pour Haiti	06.Mrz	10.00-12.00
Verkafe fir Haiti	vente pour Haiti	14.Mrz	no de Massen
Jugendkräizwee	chemin de croix pour les jeunes	20.Mrz	18.30-20.30
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	23.Mrz	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	23.Mrz	18.15
Altorbild Ouschteren	atelier pour pâques	27.Mrz	10.00-11.30
Fréihschicht	prière du matin	02.Apr	7.00-8.30
Taizé Gebied	prière avec des chants de Taizé	16.Apr	20.00-21.00
Pélé des jeunes	pélé des jeunes	25.Apr	4.00-10.00
Virbereedung St.-Gottesd.	préparation d'une messe	27.Apr	17.15
Statiounsgottesd	messe pour les confirmands	27.Apr	18.15
Visite Karmel	visite au carmel	04.Mai	15.00-17.30

Wéi plangen ech meng Virbereedung?

D'Firmvirbereedung besteet aus 3 groussen Deeler:

Deel 1: **Glawen erfueren**

Deel 2: **Glawen erliewen**

Deel 3: **Glawe feieren**

An all Deel sammels du "FirmPunkten", wann s du un enger Aktivitéit deelhëlls. Fir un der Firmung deelzehuelen, muss du um Schluss an all Deel mindestens 100 Punkte gesammelt hunn. Op deenen nächste Säite stelle mer déi verschidden Aktivitéite vir. Fir d'éischt awer nach e puer allgemeng Informatiounen:

- Du fënns an dësem Heft en Umeldungsziedel, wou s du dech fir déi Aktivitéiten umells, déi dech interesséieren.

- Bal all dës Aktivitéite sinn nëmme fir eng begrenzten Zuel Jugendlecher geduecht, dofir waart nët ze laang mam Aschreiwen. Sich der och direkt eng Alternativ fir am Fall, wou eng Aktivitéit schons ganz beluecht wier.

- Du bass selwer fir däi Programm responsabel, also pass gutt op, wann s du deng Aktivitéiten eraussichs, dass dat zäitlech an organisatoresch méiglech ass.

- Schreif der deng Aktivitéiten direkt op de Kalenner, fir dass de se am Laf vun de Méint nët vergëss. Sollt awer eng Kéier eppes dertëscht kommen oder bass de krank, da mell dech um Telefon 512 103 / 661 512103 of a sich eng Alternativ.

- Et wäert der opfalen, dass während dem 2. Schoultrimester e bësse manner Aktivitéite stattfannen. Dat

soll äech erlaben, äech op d'Tester an der Schoul optimal virzebreeden.

- Et ass nët verbueden, méi wéi 300 FirmPunkten ze sammelen. Um Schluss vum Heft verrode mer der nach, wéi ee sech kann Zousazpunkte verdéngen.

Ass nach eppes nët kloer, da mell dech bei engem vun de Responsabelen.

3. Glawe feieren

Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten

Zousätzlech FirmPunkten

Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten
Aktivitéit	Punkten

Firm-Punkten-Sammellëscht

1. Glawen erfueren



2. Glawen erliewen

Aktivitéit	Punkten

1. Glawen erfueren

Dësen Deel besteet aus 3 Gruppestonne vu jeeweils 90 Minutten. Dës 3 Stonne sinn obligatoresch fir jiddereen a fannen tëscht September 2010 an November 2010: (eng pro Mount) statt.

Déi 3 Stonnen zesummen hunn e Wäert vun 100 FirmPunkten. Um Umeldungsziedel kanns du den Dag an d'Auerzäit uginn, déi där am beschte ginn.

2. Glawen erliewen

Hei fënns du eng Lëscht mat villen Aktivitéiten, déi mer der proposéieren. Jee no Opwand, kanns du bei dësen Aktivitéiten ënnerschiddlech FirmPunkte sammelen. Bei all Aktivitéit fënns du eng kuerz Beschreiwung, den Datum, d'Zuel vun de FirmPunkten an d'Zuel vu Jonken, déi matmaache kënnen.

Denk drun, dass du am ganzen 100 FirmPunkten an dësem Deel muss sammelen!

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 13.10.2009

Am Laf vum Joer gi verschidde Gottesdéngschter speziell fir d'Firmkanner ofgehalen. An engem klenge Grupp kënnt där hëllefen, dëse Gottesdéngscht virzebereeden a matzegestalten.

Wéini: 13.10.2009 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Visite um Kräizbierg

All Dag kommen eng ganz Rei kierperbehënnert Mënschen op de Kräizbierg schaffen. A speziellen Ateliere kënne si trotz hirer Behënnerung eng wäertvoll Aarbecht leeschten. Wéi schaffe si? Wéi eng Ateliere gëtt et do? Wéi kënne mer op si zougoen?

Wéini: 22.10.2009 vu 15.00 bis 16.30 Auer
Wou: Fondatioun Kräizbierg
Max. 10 Participanten
☼: 30 Punkten

Visite vun der protestantescher Kierch zu Esch

Mer fueren op Esch a ginn eis d'protestantesch Kierch ukucken. Wat sinn d'Ënnerscheeder zu eiser Kierch? Virwat gëtt ët iwerhaapt eng kathoulesch an eng protestantesch Kierch?

Wéini: 10.11.2009 vu 15.00 bis 17.00 Auer
Wou: R-V bei der Diddelenger Parkierch
Max. 25 Participanten
☼: 30 Punkten

Visite Altersheim interaktiv

Mär ginn eis zesummen d'Altersheim zu Diddeleng ukucken. Wéi liewen déi eeler Leit aus eiser Par hei? Wat maache si de ganzen Dag? Wat sinn hir Problemer a Suergen? Uschléissend verbrénge mer e bëssen Zäit mat de Bewunner vum Altersheim, andeems mer mat hinne sangen, spillen a schwätzen.

Wéini: de 14.11.2009 vu 15.00 bis 17.00 Auer
Wou: CIPA Diddeleng (Altersheim)
Max. 10 Participanten

Zousätzlech FirmPunkten kanns du kréien, wann s du am Laf vum Joer um Parliewen deelhëlls.

Dës zousätzlech FirmPunkte kënnen dir hëllefen, wann s du eemol nët un däi perséinleche Programm geduecht hues, krank wars, am leschte Moment verhënnert wars, oder..... . Dës Punkte kanns du an de Kategorien „Glawen erliewen“ a „Glawe feieren“ asetzen. (Déi 3 Gruppestonne muss jidderee matmaachen!)

Hei all d’Méiglechkeeten:

- ee Sonndesgottesdéngscht
- Kannermetten de 24.12.2009 um 17.00 Auer
- Chrëschtmetten de 24.12.2009 um 24.00 Auer
- Äschermëttwoch de 17.2.2010 um 18.15 Auer

  Gréngen Donneschden den 1.4.2010 um 19.00 Auer
- Karfreideg den 2.4.2010 um 19.00 Auer
- Kannerkräizwee den 2.4.2010 um 15.00 Auer
- Ouschternuecht den 3.4.2010 um 19.00 Auer
- Pilgerdag den 3.5.2010
- Gehaansdag de 27.6.2010

☼: 35 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 17.11.2009

Och dëse Gottesdéngscht gëtt vun äech virbereet a gestalt. Maacht mat!

Wéini: 17.11.2009 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Paarkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Filmowend mat Diskussioun zum Thema: Liewen an Doud

Unhand vun engem Film befaasse mer eis mam Thema Liewen an Doud, een Thema, mat deem jiddereen irgendwann ze di kritt, an iwwert dat besonnesch Jonker sech vill Froe stellen. An dësem Atelier ginn ët keng fäerdeg Äntwerten, mee d’Méiglechkeet offen ze schwätzen a nogelauschtert ze kréien.

Wéini: 20.11.2009 vun 19.00 bis 20.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 35 Punkten

Kiercheféierung

Där waart sëcher schon dacks an der Kierch, an awer ginn ët bestëmmt nach Ecken, déi der nët kennt. An der Diddelenger Kierch ginn ët vill Biller a Molereien, iwwert déi ët Interessantes ze ziele gëtt. Kommt äech se ukucken!

Wéini: 28.11.2009 vun 10.00 bis 11.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 25 Participanten
☼: 30 Punkten

Trüffele maache fir Paraktioun

D'Par Diddeleng ënnerstëtzt all Joer e Projet an engem Entwécklungsland. Fir Suen ze sammele ginn eng Rei Aktiounen duerchgezunn, wéi z.B. de Verkaf vun Trüffelen um Chrëschtmaart. D'Schwëster Simone freet sech iwwert all Jonken, deen hir beim Baken hëlleft.

Wéini: 08.12.2009 vu 14.30 bis 16.00 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 15 Participanten
☼: 35 Punkten

Wäffelcher bake fir Paraktioun

Nieft den Trüffelen, bake mer och Wäffelcher fir um Chrëschtmaart ze verkafen. Wien hëllefe wëllt: avis aux amateurs!

Wéini: 10.12.2009 vu 14.30 bis 16.00 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 15 Participanten
☼: 35 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 15.12.2009

Chrëschtdag ass nët méi wäit eweg. Sëcher hutt där flott Iddien, wéi mer eis dorop virbereede kënnen. Hëlleft also mat, dëse Statiounsgottesdénscht virzebereeden.

Wéini: 15.12.2009 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 35 Punkten

An de Kategorien „Glawen erliewen" a „Glawe feieren", ka jidderee sech säi Programm selwer zesummestellen. D'Aktivitéite gi vun Oktober 2009 bis Hierscht 2010 ugebueden.
Bei der Umeldung fir d'Firmung kanns du eis däi perséinleche Programm matdeelen. Déi meescht Aktivitéite sinn nëmme fir eng begrenzten Zuel Jugendlecher geduecht, dofir muss du dech séier aschreiwe kommen an evtl eng Alternativ uginn, fir am Fall, wou ee Programmdeel schons ganz beluecht ass.

Mat dengem perséinleche Programm sammels du da FirmPunkten. Nach eng Kéier zur Erënnerung:
du brauchs minimum 300 FirmPunkten

Glawen erfueren : 100 Punkten
Glawen erliewen : 100 Punkten
Glawen feieren : 100 Punkten

Mee du kanns der awer och nach vill méi sammelen, wann s du bei méi Programmdeeler wëlls matmaachen. Jiddereen ass ëmmer wëllkomm! No uewen ass et net begrenzt.

Pélé des jeunes

Um éischte Sonndeg vun der Oktav pilgeren déi Jonk aus dem ganze Land zu Fouss an d'Kathedral bei d'Muttergottes. Si sinn d'Nuecht iwwer ënnerwee a feieren da mueres fréi e flotte Jugendgottesdéngscht an der Kathedral.

Wéini: 25.04.2010 um 4.00 Auer
Wou: R-V bei der Parkierch zu Diddeleng
Max. 30 Participanten
☼: 25 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 27.4.2010

Wéini: 27.04.2010 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 1.6.2010

Wéini: 01.06.2010 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Een Altorbild gestalte fir Chrëschtdag 2009

Et ass äech bestëmmt schon opgefall, dass d'Kierch ëmmer erëm nei a verschidden dekoréiert ass. Esou sollen déi eenzel Fester am Laf vum Joer ënnerstrach ginn. Dëst Joer sidd där ët, déi fir Chrëschtdag en Altorbild gestalte kënnt. An engem klenge Grupp maacht der äech Gedanken iwwert dëst Fest a schaaft uschléissend mat verschiddene Materialie ganz no äre Virstellungen eng Dekoratioun, déi virun den Altor gestallt gëtt.

Wéini: 19.12.2009 vun 10.00 bis 11.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 35 Punkten

Visite vun der Synagog zu Esch

Mär besichen d'Gotteshaus vun de Judden, d'Synagog. Wéi gesäit eng Synagog aus? Wat kann een do alles gesinn? Wéi feieren a bieden d'Judden? Wéi eng Ennerscheeder fanne mer?

Wéini: 14.01.2010 vu 15.00 bis 17.00 Auer
Wou: R-V Diddelenger Parkierch
Max. 25 Participanten
☼: 30 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 19.1.2010

En neit Joer huet ugefaang. Vläicht kéinte mer eis fir dëse Gottesdéngscht Gedanken iwwert eis Erwaardungen a Wënsch fir 2010 maachen, an dës mat abréngen. Wien hëlleft bei der Virbereedung?

Wéini: 19.01.2010 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch

Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Filmowend mat Diskussioun iwwert Thema: Judden a Chrëschten

Mär kucken zesummen e Film, deen eis dës 2 grouss Relioune präsentéiert an erkläert. Uschléissend schwätze mer heiriwwer.

Wéini: 05.02.2010 vun 19.00 bis 20.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 35 Punkten

Faaschteniessen hëllefe virbereeden

Op Äschermëttwoch, dem Ufank vun der Faaschtenzäit, kommen d'Leit no der Mass zesumme fir d'Faaschteniessen. Hei gëtt e ganzt einfacht Iessen, eng Schmier an eng Taass Kaffi, zervéiert. Mär hëllefen dëst Iessen ze organiséieren, preparéieren d'Schmieren an de Kaffi, zervéieren a raumen duerno. Den Erléis vun dësem Owend ass fir d'Paraktioun.

Wéini: 17.02.2010 vu 17.15 bis 21.00 Auer
Wou: Veräinshaus
Max. 10 Participanten
☼: 40 Punkten

Buchbespriechung: Oskar und die Dame in Rosa zum Thema: Gott an d´Leed

Jidderee begéint a sengem Liewe Leed, bei sech selwer, an der Famill, an der Schoul, an der Welt.... A wat seet Gott dozou?
Mär ginn dëst Thema un unhand vun engem zwar eeschten, awer trotzdem flott geschriwwene Buch: „Oskar und die Dame in Rosa". Wien un dësem Atelier wëllt deelhuelen, muss also

Wéini: 20. Mäerz um 18.30 Auer
Wou: Butschebuerger Kapell
Max. 30 Participanten
☼: 25 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 23.3.2010

Wéini: 23.03.2010 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Fréischicht

Mer wëlle scho moies fréi den Dag zesumme mat Gott ufänken an esou e gudde Start kréien.

Wéini: 02.04.2010 vu 7.00 bis 8.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 25 Punkten

Taizé-Gebied

Am Frankräich zu Taizé liewen d'Taizébridder. Dausende vu Jonke fueren all Joers dohinner fir mat hinnen ze bieden an hire Glawen zesummen ze feieren. E wichtege Bestanddeel vun hire Gottesdéngschter sinn einfach a roueg Lidder. Och mär wëllen een Owend dës roueg Stëmmung zu Diddeleng erliewen.

Wéini: 16. Abrëll um 20.00 Auer
Wou: Birenger Kapell
Max. 40 Participanten
☼: 25 Punkten

Marche à l'étoile

Zesumme mat anere Jugendlechen aus dem Süde bereede mer eis op Chrëschtdag vir.
Wéini: 21. Dezember vun 18.30 bis 22.15 Auer
Wou: Départ um 18.30 Auer beim Veräinshaus
Max. 40 Participanten
☼: 25 Punkten

Spéitschicht

Bieden – mol anescht! Mer treffen eis owes an der Kierch, a mat besënnleche Lidder an Texter wëlle mer bieden.

Wéini: 16.01.2010 vun 19.45 bis 21.00 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 25 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 19.1.2010

Wéini: 19.01.2010 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 23.2.2010

Wéini: 23.02.2010 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Jugendkräizwee

Mär denken un de Jesus, deen um Kräiz fir eis gestuerwen ass.

virdrun Zäit aplangen, fir d'Buch ze liesen. Am Atelier selwer kënne mer eis dann iwwert d'Thema austauschen.

Wéini: 19.02.2010 vun 19.00 – 20.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 40 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 23.2.2010

Fir dass och dëse Statiounsgottesdéngscht erëm flott gëtt, sidd der häerzlech invitéiert, är Wënsch an Iddien anzebréngen. Mellt äech un, fir bei der Virbereedung ze hëllefen.

Wéini: 23.02.2010 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Visite vum Centre d'Intervention zu Diddeleng

Dag fir Dag stelle Leit hir Zäit zur Verfügung, fir als Pompjee oder mat der Ambulanz Leit ze hëllefen. Mär ginn hiren Zenter kucken a gi gewuer, wat esou en Engagement bedeit.

Wéini: 04.03.2010 vu 15.00 bis 16.30 Auer
Wou: Centre d'Intervention, rte de Luxembourg
Max. 25 Participanten
☼: 30 Punkten

Mir bastele fir HAITI

Zënter Joere schon ass d'Schwëster Jousef fir an op Haiti engagéiert, fir d'Leit vun do, déi zu den Äermsten op der Welt gehéieren, ze ënnerstëtzen. Während 2 Stonne bastele mer Saachen, déi mer déi Woch drop no de Masse verkafen.

Heimadder ënnerstëtze mer der Schwëster Jousef hir Aarbecht op Haiti.

Wéini: 06.03.2010 vun 10.00 bis 12.00 Auer
Verkaf: 13. + 14.03.2010 no de Massen
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 15 Participanten
☼: 40 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 23.3.2010

Eng weider Geleeënheet, fir e Gottesdéngscht aktiv matzegestalten.

Wéini: 23.03.2010 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Een Altorbild gestalte fir Ouschteren 2010

Och fir Ouschtere kënnt där d'Altorbild gestalten. Eng flott Aktivitéit fir jiddereen, dee gär eppes mat sengen Hänn mécht.

 Wéini: 27.03.2010 vun 10.00 bis 11.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 10 Participanten
☼: 35 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 27.4.2010

An d'Kierch goen ass langweileg? Nët, wann där selwer mathëlleft an är Iddie matbréngt.

Wéini: 27.04.2010 um 17.15 Auer

braucht äech just bei deenen Aktivitéiten unzemellen, wou d'Participatiounszuel limitéiert ass.

Statiounsgottesdéngscht vum 13.10.2009

Wéini: 13.10.2009 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 17.11.2009

Wéini: 17.11.2009 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

Jugendmass mam J.M.Roth

De Johannes Mathias Roth ass en evangelesche Paschtouer a Liddermaacher, dee vill flott Lidder fir Gottesdéngschter geschriwwen huet. Op dësem Owend ass hie selwer zu Diddeleng fir d'Mass ze animéieren. Uschléissend ..

Wéini: 5 Dezember um 19.00 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 25 Punkten

Statiounsgottesdéngscht vum 15.12.2009

Wéini: 15.12.2009 um 18.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
onbegrenzt Participanten
☼: 15 Punkten

☼: 35 Punkten

Musek a Lidderatelier

D'Virbereedungsgottesdéngschter, awer virun allem d'Firmungsmass selwer solle flott sinn. Dobäi spillen d'Lidder eng wichteg Roll. An dësem Grupp kënnt där zesumme mam Simone de musikaleschen Deel vun der Mass selwer plangen an astudéieren. Wien en Instrument spillt an och bereet ass, dat an der Firmungsmass ze maachen, soll dat bei senger Umeldung dobäischreiwen.

Wéini: 13.11.2010 vun 10.00 bis 11.30 Auer
(an eventuell den 20.11.2010 vun 10.00 bis 11.30 Auer)
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 35 Punkten

Een Altorbild gestalte fir meng Firmung

Eng läschte Kéier kënne kreativ Geeschter an engem Altorbild dat ausdrécken, wat d'Firmung fir si bedeit.

Wéini: 20.11.2010 vun 10.00 bis 11.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 35 Punkten

3. Glawe feieren

Glawen ass näischt Drëchenes an näischt, wat jidderee just fir sech selwer behale soll. Glawe gëtt eréicht lieweg, doduercher, dass en an enger Gemeinschaft gelieft a virun allem gefeiert gëtt.

An dësem Deel bidde mer äech erëm eng ganz Rei Massen, Gottesdéngschter an Treffen un, bei deenen der FirmPunkte sammele kënnt. Och hei braucht der 100 FirmPunkten. Där

Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Visite vum Karmel

Mär fueren op den Cents a besichen e Klouschter. Wéi gesäit esou e Klouschter aus? Wéi liewen d'Schwësteren hei? Wéi gesäit hiren Alldag aus? Firwat hu si sech fir e Liewen am Klouschter decidéiert?

Wéini: 04.05.2010 vu 15.00 bis 17.30 Auer
Wou: R-V Diddelenger Parkierch
Max. 25 Participanten
☼: 30 Punkten

Visite Altersheim interaktiv

Mär ginn eis zesummen d'Altersheim zu Diddeleng ukucken. Wéi liewen déi eeler Leit aus eiser Par hei? Wat maache si de ganzen Dag? Wat sinn hir Problemer a Suergen? Uschléissend verbrénge mer e bëssen Zäit mat de Bewunner vum Altersheim, andeems mer mat hinne sange, spillen a schwätzen.

Wéini: den 8.5.2010 vu 15.00 – 17.00 Auer
Wou: CIPA Diddeleng (Altersheim)
Max. 10 Participanten
☼: 35 Punkten

Deelhuelen un enger Guide-/Scoutsaktivitéit

D'Diddelenger Guiden a Scouten St Jean sinn och en Deel vun eiser Par. All Woch erliewe si flott Aktivitéiten, wou d'Liewen am Grupp, d'Liewen an der Natur, d'Selwermaachen an och d'Verbonnenheet mat Jesus Christus eng wichteg Roll spillen.

Wëllt där eng Kéier matmaachen an e flotten Nomëtteg hunn, da kommt laanscht kucken.

Wéini: 5.06.2010 vu 14.00 bis 16.00 Auer
Wou: Home St Jean Butschebuerg
Max. 15 Participanten
☼: 35 Punkten

Ee Weekend

Wanns du gär mat anere Jonken zesumme bass, dann ass dëse Weekend bestëmmt dat Richtegt fir dech! Zesumme Spaass hunn an eppes iwwert däi Glawen erfueren, dat Ganzt mat engem ofwiesslungsräiche Programm. Cool! Oder nët?

Wéini: 5. + 6.06.2010 vu 17.00 bis 16.00 Auer
Wou: Home St Jean Butschebuerg
Max. 20 Participanten
☼: 60 Punkten

Uergelféierung

Bal an alle Masse suergt d'Uergelmusek dofir, dass ët besonnesch feierlech kléngt. Bei dëser Aktivitéit kritt der d'Geleeënheet dëst Instrument vu ganz no ze gesinn a gewuer ze ginn, wéi esou eng Päiffenuergel iwwerhaapt fonktionnéiert.

Wéini: 21.05.2010 vun 19.00 bis 20.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 20 Participanten
☼: 30 Punkten

Een Altorbild gestalte fir Päischten 2010

Grad wéi bei deenen 2 Fester virdrun siche mer kreativ Jonker, déi hir Iddien an engem Altorbild ausdrécken.

Wéini: 22.05.2010 vun 10.00 bis 11.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 35 Punkten

Virbereedung vum Statiounsgottesdéngscht vum 1.6.2010

Och dee leschte Statiounsgottesdéngscht an dësem Schouljoer waart op kreativ an aktiv Jonker, déi nët gelangweilt an enger Bänk sëtze bleiwen, mee eppes draus maachen. Sief dobäi!

Wéini: 01.06.2010 um 17.15 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 5 Participanten
☼: 15 Punkten

Een Dag um Belair

Mat engem ofwiesslungsräiche Programm wëlle mer zesummen e flotten Dag erliewen, an eis Gedanken iwwert eist Liewen, eise Glawen an eis Firmung maachen.

Wéini: 12.06.2010 vun 9.00 bis 17.00 Auer
Wou: R-V Diddelenger Parkierch
Max. 40 Participanten
☼: 40 Punkten

Bibelspill

D'Bibel: langweileg a veraalt? A wouhier! Zesumme mat äre Kollegen, an dat a Form vun engem Spill, also mat vill Spaass, léiert der dëst wichegt Buch e bësse besser kennen.

Wéini: 06.07.2010 vu 15.00 bis 16.30 Auer
Wou: Diddelenger Parkierch
Max. 40 Participanten